# TOP10 N°8: De beschte Lëtzebuerger Pinot Gris 2016 op der Fréijoersfoire (Cuvée 2015)

Wat fréier de Rivaner wor ass haut de Pinot Gris, de Lëtzebuerger hiren neie Liiblingswäin, fei sauer, sprëtzeg frësch, kribbeleg op der Zong, ideal beim Grillen, beim Fësch, an och soss am Dag, richteg gutt sëffeg wann e knackeg kal zerwéiert gëtt, mat sengem feinen erdegen miseler Aroma a senger flotter gëllener Faarf.

Mir woren op d'Fréijoersfoire 2016 ënnerwee, an hu bei iwwer 30 Kellereien jeeweils all Pinot Gris "Grand Premier Cru" geschmaacht, deen am präiswäerteste wor. Mir hunn ronn 70 Pinot Gris'e geschmaacht, a mir kënnen iech soen: mir wore gutt dono. Direkt firwech: wat de Stand méi doll wor, wat de Wäin net onbedéngt sou doll wor. Oft woren déi kléng Kellereien mat ënner 3 Hektar méi raffinéiert am Goût, manner ralleg op eng AOP oder GPC Appellatioun wéi déi aner, a méi interesséiert u feiinstem Drauwesaaft an net nëmmen Palette Fläsche verkafen. Bei ville Wënzer wor d'Lies 2015 grad eréischt an de Fläschen, an duerfir nach net genuch geräift. Ma allmënsch hat eppes fir eis parat.

*

Eis Critèren:

D'Saier am Wäin: vun infektem Zitroune-Saaft mat Scheiwe-Wäschmëttel-Potenzial wou de Mond sech zesummenzitt wéi en aalt Bomis'Gesiicht an d'Zong sech opléist bis hin zu enger perfekter Balance vun der typescher Pinot Gris Saier déi lëschteg mëscht mat liicht séissen Nouten. Dann de Goût, dee vu brav-latzegem Kachwäin bis hin zu engem Freedefeier...nee...engem Päipeldéier op Extasy vu Variatiounen um Gomm an an der Nues geet, a wou een den Äerdgeroch vun der Rief an d'Loft vum Wéngert quasi an der Nues huet. Och de Präis wor interessant, och wann ee soe muss dat bal all Pinot Gris em déi 9 Euro kascht, an e Bio Pinot Gris fir ronn 12 Euro ze kréien ass. Als gudder Läscht hu mer den Accueil um Stand och nach considéréiert, well déi Léift an Opmierksamkeet déi een als potenzielle Client (mat vill Duuscht an nach méi Loscht) geschenkt kritt sécher och am Glas ze fannen ass!

*

Hei eise Ranking:

D'Caves Linden-Heinisch hunn de beschte Pinot Gris 2016 vu Lëtzebuerg (Récolte 2015) mat der Cuvée "Hütte". En zimlech knackegen a klasseschen Pinot Gris, deen awer duerch seng Intensitéit, Kloerheet am Goût an dem sympathesche Wënzer allmënsch iwwerzeege konnt.

De ganzen Detail fannt dir hei:

| De beschte Lëtzebuerger Pinot Gris op der Fréijoersfoire | |
|---|---|
| | Moyenne |
| Linden-Heinisch | |
| Huette | 8.2 |
| Caves Albert Berna-Ley | |
| Goellebour 2015 | 8.0 |
| Bernard Massard | |
| Clos de Rochers (Grevenmacher Fels) | 7.6 |
| Steinmetz-Duhr | |
| Classique | 7.5 |
| Caves René Bentz | |
| Bech-Macher Jongeberg 2015 | 7.4 |
| Krier Bisenius | |
| Foulschette | 7.2 |
| Domaine Mathes | |
| Selection du domaine Mathes 2015 | 6.9 |
| Dom. Viticole Schumacher-Lethal | |
| Wormeldange Elterberg 2015 | 6.8 |
| Krier welbes- bio! | |
| Foulschette | 6.8 |
| Ley-Schartz Ahn | |
| Ahn-Vogelsang-vieilles vignes | 6.5 |